Portrait de bénévole:

Berthy Braun-Ludwig

Ech sinn e Minettsdapp, zu Diddeleng gebuer.

Meng Funktioun bei AEI: Trésorière

Wat huet dech motivéiert, fir dech bei AEI ze engagéieren?

Eisen éischte Kontakt mat Indien war 1973, wéi mer eis fir eng Adoptioun interesséiert hunn aus dem St Catherine's Home zu Bombay. Vun do un hate mer intensive Bréifkontakt mam Heim (all Bréif huet mindestens 3 Woche gebraucht). D'Schwësteren hunn eis d'Situatioun vun hire Kanner beschriwwen, a mir hu probéiert, mat anere lëtzebuerger Adoptiveltere Geld ze sammelen, fir dorower ze schécken. Well d'Heim awer vill soss ënnerstëtzt gouf, hunn d'Schwësteren eis vun anere Projeten erzielt, déi mir dunn och ënnerstëtzt hunn.
Meng Motivatioun ass zesumme mat der Organisatioun gewuess.

Wat sinn deng Aufgabe bei AEI?

Ech si responsabel fir d'Compta vun AEI, an ech hëllefen all Joer, eise Basar op d'Been ze setzen.

Wat bréngen der déi Erfahrungen?

Duerch d'Aarbecht mam Comité sinn intensiv Frëndschaften entstanen, déi och nach no 30 Joer unhalen.

Huet deng Aktivitéit bei AEI deng Siicht iwwer Indien an den Nepal an déi südlech Länner am Allgemenge verännert?

Als Studentin hunn ech mech scho fir d'Drëtt Welt interesséiert, mä e konkret Bild krut ech eréischt duerch meng Aarbecht bei AEI a besonnesch duerch déi vill Reesen, déi ech konnt an Indien maachen. Si hu mir gewisen, datt eist Bild vun Indien als aarmt Land nëmmen deelweis stëmmt: Indien ass e ganz räicht Land, wat seng Kultur a seng Mënschen ugeet, besonnesch d'Fraen, déi zwar ënnerdréckt ginn, awer trotzdeem (oder dowéinst) immens staark sinn, an ouni déi kee vun eise Projete géif eppes ginn.